



ass elo déi Motioun, déi ech wéilt ënnerbreeden. Wéi gesot, ech kréien nach Geleeënheet, fir se ze motivéieren.

## Motion

*La Chambre des Députés,*

*considérant que*

*- la manière de définir et d'engager un projet de l'envergure de celui qui devait mener au système e-Go a donné lieu à des déficiences notables;*

*- le rapport de la Cour des Comptes sur l'évolution du projet e-Go et notamment la partie II de ce rapport propose un «guide pour la gestion d'un projet de grande envergure»;*

*- le Ministre du Développement durable et des Infrastructures a annoncé devant la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire en date du 1<sup>er</sup> mars 2010 des mesures visant à une meilleure gestion des projets notamment dans le domaine informatique;*

*- l'Inspection Générale des Finances (IGF) a fait dans ce même contexte devant la Commission un certain nombre de recommandations quant au contrôle financier de l'exécution des projets de grande envergure;*

*invite le Gouvernement à*

*- procéder à l'élaboration d'une méthodologie permettant une gestion plus efficace et plus économe des projets de grande envergure, notamment des projets à caractère évolutif;*

*- préciser et à fixer les niveaux de responsabilité des différents intervenants;*

*- déterminer un cadre pour l'accompagnement de l'exécution des projets;*

*- charger l'Inspection Générale des Finances (IGF) d'assurer le contrôle du dispositif à mettre en place pour mieux gérer les projets en question;*

*- garantir, en particulier en ce qui concerne le projet «e-go plus» et ses différentes composantes, la conclusion d'un marché public par la Communauté des Transports conformément à la législation afférente.*

*(s.) Lucien Thiel, Félix Braz, Fernand Etgen, Ben Fayot, Gast Gibéryen.*

► **M. le Président.**- Merci. Ech ginn dem Här Thiel Akt vum Dépôt vu senger Motioun.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6135 iwwert d'Écoconception. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Bis elo huet sech just ageschriwwen den Här Eugène Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorebelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

## 3. 6135 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits liés à l'énergie et modifiant la loi du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie

### Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6135 «établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits liés à l'énergie et modifiant la loi du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie» - ech nennen de Projet de loi ganz einfach Écoconception - ass de 7. Mee 2010 hei an der Chamber vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. De Statsrot huet den 29. Juni 2009 säin Avis ginn. An opgrond vun Amendementer, déi zréck un de Statsrot goungen, huet dësen dunn en Avis complémentaire de 16. November 2010 ginn. An der Ekonomieskommission ass de Projet de loi de 25. November 2010 ugeholl ginn.

Den Objet, de Sënn vum Projet de loi ass, fir eng europäesch Direktiv - 2009/125 -

an déi national Rechtsgebung ze transposéieren. Duerch dës Transposition gëtt de Champ d'application vun der Écoconception op nei Produkter ausgebaut. Déi nei Definition betréfft net nëmme Produits consommateurs d'énergie, sou wéi et déi al Definition virgesinn huet, mä doriwwer eraus all „produits liés à l'énergie“. An anere Wieder: Déi nei Definition erfaasst net nëmme Produiten, déi Energie consumméieren, mä all Produkter, déi an engem erweiderte Sënn am Energieverbrauch eng Roll spillen. Dat kann e Produkt sinn, Här Gibéryen, wéi zum Beispill Fënstere, Krinn oder Duschen.

### (Interruption)

Den Hauptobjektiv vun dësem Gesetz ass et, duerch déi erweidert Definition vun de Produkter, déi ënnert d'Écoconception falen, den Energieverbrauch weider ze reduzéieren an esou e wichtege Bäitrag am Kampf géint de Klimawandel ze leeschten. Bei der Écoconception geet et drëms, vun Ufank u bei der Konzeption, bei der Entwécklung vu verschiddene Produkter energiepoliteschen an ëmweltfrëndlechen Iwwerleeunge Rechnung ze droen.

Zil ass et, den Energieverbrauch ze verringeren, also ze optimiséieren. An dat géllt elo net nëmme fir Produiten, déi Energie direkt consumméieren, mä och fir Produiten, déi a Relatioun mat Energieverbrauch sinn, dat heescht Produiten, iwwert déi d'Energie duerch eng gutt Konzeption agespuert ka ginn.

Ee gewëssene Marquage, an et ass an deem Projet de loi vu virun iwwert d'Spillsaache schonn ugeschwat ginn, also dee gewëssene Marquage um Produit informéiert doriwwer, datt den Artikel den Écoconceptionsnormen entsprécht. Dëse Marquage spillt am Kader vun der fräier Zirkulation vun de Produkter an der EU eng wichteg Roll.

Här President, d'Chambres professionnelles an de Statsrot hunn an hire jeeweilegen Avisen drop verweisen, datt am Mémoial e koordinéierten Text soll publizéiert ginn. De Projet de loi gesäit nämlech vir, datt am Ganze 15 verschidde Punkten am Gesetz geännert ginn, dovunner deen éischte Punkt eleng scho 54 Adaptatiounen mat sech bréngt, andeems den Term vun „produit(s) consommateur(s) d'énergie“ duerch „produit(s) lié(s) à l'énergie“ ersat gëtt.

D'Ekonomieskommission huet sech der Propos vun engem koordinéierten Text och ugeschloss, dat fir eng besser Lisibilitéit vum Gesetz ze erlaben.

De Statsrot huet sech a sengem initialen Avis géint eng Erweiderung vun de Kompetenzen vun der ILNAS - och dat ass schonn ugeschwat ginn -, dem Institut luxembourgeois de la Normalisation, de l'Accréditation, de la Sécurité et de la Qualité des Produits et Services, iwwert den Term „notamment“, wou d'Kompetenzen sollten opgezielt ginn, ausgeschwat. Et ass awer kengesfalls am Sënn vun der Regierung gewiescht, fir d'Kompetenzen vun der ILNAS ze änneren. D'Ekonomieskommission huet den Term „notamment“ gestrich. De Statsrot huet sech domadder averstane gewisen.

D'Regierung gesäit esou eng Modifikatioun, déi ass souwisou virgesinn, vum Gesetz vum 20. Mee 2008, wat d'ILNAS betréfft, vir. An deem Kontext ginn dann natierlech och d'Kompetenzen an déi méiglech Penalitéiten nei definéiert.

En zweeten Amendement huet eng falsch Referenz vun enger EU-Direktiv concernéiert. Och do huet d'Ekonomieskommission sech dem berechtigten Avis vum Statsrot ugeschloss.

Här President, dëse Gesetzesprojet ass ee weidere klengen, mä awer wichtege Moosaiksteen am Kampf géint de Klimawandel, andeems e kohärente Kader op EU-Niveau geschafe gëtt, deen den Handel mat neien an ëmweltfrëndleche Produkter fördert an ausbaut.

Ech soen lech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt, a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Claude Haagen Merci. Als éischten an eenzege Riedner kritt elo den Här Berger d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Och Merci dem Rapporteur. Här President, ech hat elo virun e bëssen en Erstaunen hei an der Chamber verspiert, datt iwwerhaapt een zu dësem Projet soll schwätzen. Dat erstaunt mech eigentlech e bëssen, well hei ass awer e Projet, deen am Kader vun engem Dossier sech befënnt, dee wierklech och essenziell Zukunftsfroe beinhaltet, nämlech déi vum Klimaschutz.

Mir hu jo och elo dës Deeg, wou d'Klimaschutzkonferenz zu Cancún ugaang ass a wou also och do versicht gëtt, Solutiounen ze fannen. An och hei ass e Projet, dee sech an de ganze Kontext zum Klimaschutz areit. Ech fannen, et ass derwäert, datt een dann awer e puer Wuert dozou seet, wann et och zum Deel Redité sinn.

Well mir wëssen, wann ee wëllt eppes maache fir de Klimaschutz, musse mer CO<sub>2</sub> reduzéieren. Fir CO<sub>2</sub> ze reduzéieren, musse mer virun allem Energie spueren. Wat een also méi Energie spuert, wat ee manner Energie brauch, wat een also och manner CO<sub>2</sub> an d'Luucht bléist. An hei, an dëser Direktiv, oder an deem Zousaz vun der Direktiv, hei géllt virun allem dann déi Devise „Kleinvieh macht auch Mist“. Dat heescht, hei hu mer am Fong déi Regel, op ville Plazen, klenge Plazen Energie spueren, a wann een dat alles zesummen hält, da kann een am Endeffekt awer och ganz vill Energie an der Quantitéit spueren.

Bis elo hate mer et esou, datt mer eng Rei Normen haten, wat Haushaltsapparater ubelaangt, déi haaptsächlech och duerch europäesch Initiativen zustan komm sinn. Do sinn eng ganz Rei Normen, ebe wat dann d'Apparater ubelaangt, ob dat de Frigidaire ass, ob dat d'Spülmaschinn ass. Wat awer och gutt ass, dat ass, datt déi Norme lues a lues an d'Bewosstsi vun de Consommateuren, vun de Bierger agaang sinn, an datt d'Leit awer haut de Reflex och hunn, genau duerno ze kucken, well se am Endeffekt och wëssen, wa se sech esou en Apparat kafen, da spueren ech Energie, da spueren ech och eppes am Portmonni.

Dat heiten ass elo, ech géif soen, en Ausdehne vun deenen Normen op aner Produiten, déi och iergendwéi da mam Haus ze dinn hunn, ob dat elo Fënstere sinn, ob dat elo Krinn sinn an esou weider. Also bei ganz villen Objeten, Apparater am Haus, kann een Energie spueren, an dat ass eng gutt Saach.

Et ass eng sënnvoll Démarche. Duerfir kann och meng Fraktioun den Accord ganz kloer zu dësem Projet ginn.

Ech wéilt awer nach eng kuerz, méi generell Remarque maachen. Dat hei ass elo e richtege Schrëtt, oder e Schrëtt an déi richteg Richtung, mä dat eleng geet net duer, net duer an Europa an och net duer hei zu Lëtzebuerg. D'lescht Woch hat ech jo an enger Froestonn dee Sujet opgeworf. Ouni elo nach eng Kéier all dat ze widderhuelen, wëll ech awer nach eng Kéier trotzdem rappeléieren, datt mer hei zu Lëtzebuerg, wa mer wëlle CO<sub>2</sub> reduzéieren, wa mer och wëllen eis Ziler an dem Erneierbar-Energie-Programm erreechen, da musse mer nach verstärkt kucken, wéi mer hei kënnen Energie spueren iwwer Apparater am Haushalt, iwwer all méiglech Objeten am Haushalt, mä och beim Baue vun den Haiser selwer, an datt mer do also nach weider Efforté maachen.

Ech wëll nëmmen dorunner erënneren, datt mir jo derfir plädéieren, datt mer sollen eis al Bausubstanz versichen ze sanéieren, fir datt déi e ganz gudden energetesche Stand kritt. Dat wier och eppes, wou ee kéint iwwer eng Klimabank oder mat der Klimabank, fir déi mir jo och plädéieren, Leit domadder hëllefen, an déi Richtung ze goen, an datt een also och do weiderhi muss Akzenter setzen.

Ech wäert net midd ginn, all Kéiers dat erëm hei op der Chambertribün an op anere Plazen ze widderhuelen, well dat am Endeffekt e Benefiss wier fir jiddwereen, fir d'Leit, déi domadder Sue spueren beim Brennes, fir de Klimaschutz, fir de Stat, dee manner Kyoto-Strof bezilt. An am Endeffekt, ech mengen, dat ass och net onwiesentlech, do géif dann och hei ganz vill nei Aarbecht fir d'Lëtzebuerger Handwierk

entstoen, a nei Aarbechtsplazen, dat wier och e wichtege Aspekt.

Wéi gesot, déi Remarque gemaach, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen. Merci!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. D'Wuert kritt elo den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké**, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.- Merci, Här President. Ech soe virun allem deene Leit, déi heirunner geschafft hunn, Merci. Ech stelle fest, dass et net eng grouss Kontrovers ass. Et ass evident, dass mer hei e Projet de loi hunn, deen eng Verbesserung bäiféiert, asoufern, dass mer eis elo mat Produkter ofginn, déi en Impakt op d'Consommation vun der Energie hunn an net einfach selwer de Consommateur si vun der Energie, an dass déi Ausdehnung am Gesetz menger Meinung no de wichtege Schrëtt ass.

Duerfir mengen ech, och den Här Berger, deen eng Rei Punkte gesot huet, déi net elo direkt a Rapport heimadder sinn, mä nëmmen indirekt, mä dee Sujet hate mer virun eng, zwou Woche schonn hei abordéiert, an ech kann em nëmme Recht gi bei deene puer Punkten, déi e gesot huet.

En absence vun enger grousser Kontrovers, Här President, soen ech Merci, wann Der alleguerten dat Gesetz hei géift stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6135 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6135 est adopté par 60 voix.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Jean-Paul Schaaf), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6203 iwwert d'Akzisen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Meisch, Bausch an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den hono-





rabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. 6203 - Projet de loi fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques et modifiant

**1. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementant l'octroi des indemnités de chômage complet;**

**2. la loi modifiée du 23 décembre 2004 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;**

**3. la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;**

**4. la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6203 huet als Zil, déi verschidden Akzisen, Tauxen an Taxen an e spezielle Gesetzestext anzeschreiwen. Betraff dovunner sinn d'Akzisen op den Energieprodukter wéi Bensin, Diesel, Heizungs-mazout, déi sougenannte Contributions sociales un de Beschäftigungsfong, de Kyoto-Cent, d'Taxen um Elektreschen an dem Gas, d'Akzisen op dem Tubak an dem Alkohol.

Fréier, dat heescht bis 2009, stoungen dës Bestëmmungen all Joers an der sougenannter Loi budgétaire. Si huet dofir all Joers missen integral an dem Budgetgesetz erëmgeholl ginn. Opgrond vun dem Artikel 100 aus der Verfassung sinn nämlech d'Steierbestëmmungen nëmme während engem Joer gültig. Et ass dat de sougenannte Principe vun der annualité budgétaire.

Wa mir elo e Spezialgesetz hunn, mat sämtlechen Akzisen, Tauxen an Taxen, da gëtt dat Ganzt méi transparent.

Et brauchen all Joers just d'Emännerunge vun deenen Tauxen iwwert d'Budgetgesetz gemaach ze ginn. Wann näischt un den Tauxen ännert, da verhält et sech wéi bei all aner Steiertarif, zum Beispill dem Steuerbarème bei der Akkommessteuer vun de Privatpersounen, deen am Prinzip esou, wéi en am Virjoer war, verlängert gëtt. Dëst berout op engem generellen Artikel, deen all Joers an der Loi budgétaire drasteet an deen ausdrécklech eng Verlängerung vun den Tariffer vun den direkten an indirekte Steiere virgesäit.

Här President, gréisser Ännerungen un den Akzisentaxe selwer gëtt et mat dësem Gesetzesprojet keng. D'Akzisen um Kerosin gi wuel vun 302 op 330 Euro pro 1.000 Liter an d'Luucht. Dëst huet awer praktesch zu Lëtzebuerg keng Auswierkungen. Op dem Flugkerosin sinn nämlech opgrond vun enger internationaler Konventioun aus dem Joer '51 keng Akzisen.

Bei den Zigarette gëtt de Berechnungsmodus vun der Tabakssteuer liicht ofgeännert. D'Referenz ass deemno net méi dee meeschtverkaafte Pak am Land, dat ass de Pak Maryland. D'Berechnungsbasis ass opgrond vun enger europäescher Direktiv ab dem 1. Januar 2011 de Prix moyen pondéré vun alle Päck, déi hei um Marché zirkuléieren. Dat heescht konkret, dass d'nächst Joer d'Zigaretten dierften ëm 10 bis 20 Cents de Pak méi deier ginn.

Schliesslech ginn d'Akzisen op deene ganz bëlle Zigarilloe vun 9 Euro pro 1.000 Stéck op 15 Euro an d'Luucht gesat, esou dass de Pak vun deene bëlle Zigarilloe vun 1,50 op 2,10 Euro wäert an d'Luucht goen.

Här President, de Statsrot huet eng Rei vun éischter legisteschen Ëmformuléierungen an dem Regierungstext gemaach. D'Finanzkommissioun huet dës Propose wäitgehend erëmgeholl.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, dee majoritär an der Finanzkommissioun ugeholl gouf, an ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soe gradesou Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Bettel en remplacement vum Här Meisch agedroen.

#### Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech probéieren, dat mam Här Meisch sengem Kënnen hei ze maachen. Wéi gesot, ech mengen, den Här Roth war komplett. Mir hunn och an der Kommissioun all déi Explikatiounen kritt. Ech wëll dem Här Roth Merci soe fir säi kuerzen, awer komplette Rapport an och soen, datt d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen dote Projet wäert stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Bausch agedroen.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun wollt profitéieren - well hei ee Volet dran ass, deen eis besonnesch um Mo läit, an deem Gesetz hei, an zwar dee vun den Agrocaburanten -, fir éischters ze soen, datt mer, well hei eng Steuerbefreiung oder deelweis Steuerbefreiung vun den Agrocaburanten, eng Akzisebefreiung vun den Agrocaburanten dran ass, wéinst deem Grond de Projet net wäerte stëmmen.

#### (Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Bausch nozelauschteren!

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Virun allem wollt mer hei kuerz nach eng Käier erläuteren, firwat mer der Meenung sinn, datt déi Richtung falsch ass, fir dat ze maachen.

Et ass elo de leschten 8. November eng nei Studië erauskomm a Frankräich, déi fir zimlech vill Opreegung och gesuergt huet a Frankräich an deem dote Kontext: eng wëssenschaftlech Studië, déi am Detail nogerechent huet a nowest virun allem, wat fir eng Konsequenzen datt d'Förderung vun Agrocaburanten, haaptsächlech vun deene vun der éischter Generatioun, huet a Frankräich an op der Welt insgesamt.

Do ass virun allem natierlech drop higewise ginn, datt - an dat ass jo och an deem heite Kontext dat, wat spezifesch opzuerwerfen ass -, wann Agrocaburanten agesat gi fir am Transport, dat heescht, fir an den Tank ze schëdden, datt, wann dat weider esou gefördert gëtt, weltwäit 70.000 Quadratkilometer supplémentaire Surface benéidegt ginn, fir datt mer kënnen op dee Wee goen, fir déi Agrocaburanten do ze produzéieren.

Dat huet eng desastréis Konsequenz generell fir d'Biodiversitéit weltwäit, mä virun allem och fir de Klima. Well et ass esou, datt een ënnert dem Stréch ka soen, datt d'Produktioun vun deenen Agrocaburanten ënnert dem Stréch an d'Konsequenzen, déi dat beinhalt - ebe wéi gesot - vun haaptsächlech Bëscher, déi verschwannen, Reebëscher, eng ganz natierlech Flora a Fauna, déi verschwënnt, datt d'Konsequenzen dovun sinn, datt ënnert dem Stréch méi CO<sub>2</sub> verbraucht wäert ginn, wéi es op där anerer Säit agespuert gëtt duerch den Asaz vu Biocaburanten.

Ech mengen, dat ass och de Grond, firwat een haut muss immens virsiichteg sinn, wann een an d'Richtung geet, fir weider d'Biocaburanten ze förderen. Et kënt derbäi - ech wëll dorop hiweisen -, datt d'nächst Joer, dat heescht 2011, op europäescher Ebene, dat heescht tëschent der Kommissioun an dem Europaparlament,

eng Négociatioun wäert ulafen, fir déi ganz Kultur vun den Agrocaburanten ze iwwerdenken, nei ze iwwerschaffen, an datt mer deelweis och hei Saachen decidéieren, déi wahrscheinlech deelweis deem zewidderlafen, wat op europäeschem Niveau decidéiert gëtt.

Wann Der souguer den Avis vun der Chambre de Commerce liest zu dësem Projet, wou sech och relativ laang ausenangeresat gëtt mat där Fro, da gëtt och souguer gesot, datt et zum Beispill ganz schwéier, fir net ze soe bal iwwerhaupt net ze kontrolléieren ass, wou déi eenzel Biocaburanten, also d'Zesummesetzung dovunner, wou se hierkommen, ob se vu sougenannter nohalteger Produktioun kommen oder - zum Beispill - éischter vu Produktioun vu Palmuelech oder Soja oder aner Saachen.

Doriwwer eraus huet Greenpeace och nach eng Rei Tester gemaach zu Lëtzebuerg bei Tankstellen, elo kierzlech, wou sech erausgestallt huet, datt den Undeel zum Beispill vun deenen absolut fragwürdege Quellen, wou d'Biocaburanten hierkommen, déi do bäigemëscht sinn, datt dee relativ héich ass.

Da wëll ech och drop hiweisen, datt de 25. Februar 2008 de Lëtzebuerger nationalen Nohaltegkeetsrot e ganz kriteschen Avis gemaach huet zu deem dote Sujet an datt en drop higewisen huet, datt dat Ustriede vun 10% vun den Treibstoff am Verkéierssektor aus Agrocaburanten äusserst diskutabel ass, an datt en och verweist op eng ganz Rei rezent Studien, amerikanescher an esou weider, wou d'Konsequenzen opgezielt gi vun där dote Logik.

Alles dat, Här President, do ass et relativ kloer, datt een an deem heite Kontext net ka bei dem Projet hei fir dee Projet stëmmen, well eng Steuerbefreiung, oder eng deelweis Steuerbefreiung vun den Akzisen, eng Akzisebefreiung - pardon - vun den Agrocaburante virgesinn ass. Mä virun allem geet et awer drëm, datt mer och hei zu Lëtzebuerg eis Strategie an deem Kontext an op Basis vun den Erkenntnesser, déi et haut gëtt, zimlech staark iwwerdenken.

Mir sinn als Gréng der Iwwerzeegung, datt Liewensmëttelen oder Stoffe, déi fir Liewensmëttel geduecht sinn, net kënnen genotzt ginn oder net solle genotzt ginn, fir an en Tank ze schëdden. Dat ass dat eent.

Dat Zweet ass: Mir mengen och, datt de bensin- oder dieselgedriwwene Motor am Transport eng veraalten Technologie ass an datt et héich Zäit gëtt, vun där oneffizienter Technologie ewechzekommen an an eng aner Richtung ze kommen, an datt et eigentlech total onsënneg ass, fir Biocaburanten ze produzéieren, fir se an den Tank ze schëdden. Dofir menge mer och, datt een eigentlech misst am Transportsektor, haaptsächlech am Stroossentransport, komplett verzichten op déi doten Agrocaburanten.

Ech wëll och drop hiweisen, datt et eng Rei aner Regierunge gëtt, déi sech entrets scho ganz op déi méi kritesch Approche ageschwuer hunn. Zum Beispill déi hollännesch Regierung an déi dänesch gi voll an déi Richtung, an déi wëllen zum Beispill och d'Introduktioun dovunner net favoriséieren. Ech mengen och dofir, wéi gesot, datt mer och hei am Parlament - an och d'Regierung - gutt berode wieren, eis eege Strategie ze iwwerdenken, an datt d'Parlament eng ganz kritesch Haltung zu där ganzer Geschicht do soll anhuelen.

Fir dat ze ënnermaueren, Här President, wëlle mir, wéi gesot, géint dëse Projet stëmmen aus deene Grënn. Mä mir wëllen awer, fir dat ze ënnermaueren a fir datt d'Parlament sech soll domadder beschäftegen, och dovunner profitéieren, fir eng Motioun ze déposéieren hei, déi sech am Detail mat där Problematik do ofgëtt, a wou mer frou wieren, wann déi entweder haut mam Projet kéint direkt ofgestëmmt ginn, oder - wann d'Deputéierten oder d'Fraktiounen gäre méi Bedenkezäit hätten, se an der Kommissioun vläicht eng Käier wëilten diskutéieren, wou mir och kee Problem domadder hätten, datt dat da fir d'Éischt kéint gemaach ginn - dann an den nächste Wochen eng Käier an dësem Parlament kéint zur Ofstëmmung kommen.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que le Luxembourg envisage le recours massif aux agrocaburants dans le domaine du transport afin d'atteindre les objectifs nationaux fixés par les différentes directives européennes pour la promotion des énergies renouvelables (plan d'action basé sur la directive 2009/28/CE);*

- *considérant le projet de loi n°6203 fixant les droits d'accises et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques;*

- *vu que ce projet de loi prévoit d'exonérer de différentes accises les agrocaburants dans le domaine des transports mis sur le marché luxembourgeois et que partant ce projet de loi représente une promotion étatique pour les agrocaburants en question;*

- *considérant que selon une toute récente étude commanditée par une coalition d'organisations environnementales et de développement (Réseau Action Climat-France, Amis de la Terre, Peuples Solidaires, Greenpeace et France Nature Environnement, etc.) et publiée le 8 novembre dernier, l'objectif européen pour les agrocaburants dans le domaine des transports pourrait mobiliser près de 70.000 km<sup>2</sup> de terres supplémentaires à la surface du globe dans les dix prochaines années, si cet objectif est réalisé par des agrocaburants de la première génération. Ceci représente une menace pour les forêts et les écosystèmes naturels et peut avoir des conséquences désastreuses en matière de changement climatique et de sécurité alimentaire;*

- *vu que le projet de loi en question demande des preuves documentaires certifiant de la contribution à l'objectif de réduction des émissions de gaz à effet de serre arrêté par la décision 2002/358/CE du Conseil;*

- *considérant que selon l'avis de la Chambre de Commerce, de grandes incertitudes existent pour les metteurs sur le marché des agrocaburants pour fournir les preuves demandées et que partant le risque persiste que celles-ci ne donnent pas de garanties d'atteindre les objectifs envisagés;*

- *considérant que la Commission européenne a - suite à la directive européenne sur les énergies renouvelables - l'obligation de présenter pour le 31 décembre 2010 un rapport sur les effets indirects de la culture d'agrocaburants (ILUC = indirect land use change) et qu'en 2011, sur proposition de la Commission européenne, les Gouvernements et le Parlement européen vont en codécision décider sur cette importante législation;*

- *considérant l'avis du CSDD du 25 février 2008 et notamment la recommandation n°14: „Diese Entscheidung (10% der Treibstoffe des Verkehrssektors aus Biomasse) ist sogar unter Berücksichtigung der Biokraftstoffe der 2. Generation gemäß den hier angeführten Überlegungen nicht nachhaltig (hoher Flächenbedarf, intensive Produktion, sozioökonomische Auswirkungen, bescheidenes CO<sub>2</sub>-Minderungspotenzial, geringe Energieeffizienz,...). Rezente Studien der US Nature Conservancy und des US German Marshall Fund schätzten, dass die Konvertierung des Regenwaldes, der Sumpfgelände, der Savannen und des Graslandes in Brasilien, Südost-Asien und den USA je nach Ausgangsmaterial (Zuckerrohr, Mais, Getreide) ein Mehrfaches an Kohlendioxidemissionen verursacht, als mittels Bio-Ethanol eingespärt wird.“;*

- *considérant qu'il est préférable d'utiliser la biomasse dans d'autres secteurs que celui des transports, notamment le secteur des technologies telles que le biogaz ou la biomasse pour une production combinée d'électricité et de chaleur, c.-à-d. des technologies ayant de bien meilleurs rendements énergétiques;*

*invite le Gouvernement*

- *à renoncer aux initiatives politiques visant à promouvoir ou à avantager l'utilisation des agrocaburants dans le domaine des transports;*

- *à rejoindre la position de divers autres Gouvernements (NL, DK...), qui sont en faveur de l'introduction d'un facteur ILUC;*

- *à promouvoir l'utilisation intelligente et efficiente de la biomasse à des fins de production combinée d'électricité et de chaleur.*